Rapport réunion du 4.11.2025

Présents: Claude Magar, Guy Kruchten, Romain Engels, Marco Schmitz, Marco Schmit, Suzie Godart
Excusés: Lex Schroeder, Dan Wiseler, Serge Raach

1) Technikofzeechen

No gudder Virarbecht vum Claude Magar an dem Guy Kruchten ass d'Opstelle vun de Startlëschten relativ zügeg virugaang.
Problematësch war, dat um FSCL-Site d'Clôture vun den Aschreiwungen op de 7.11 geschriwwe wor, mir awer den 3.11 gefrot haten, waat och esou am Bréif fir d'Eltere stung. Leider haat nët jidfereen daat gelies, ma um Enn konnten awer nach quasi all Wënsch erfëllt gin.
Gestart gët um 10:30 mam éischte Grupp vu 16 Kanner verdeelt op déi 8 Atelieren. Dee läschte Grupp start 15:10.
Geschwëster sinn ëmmer am selwechte Grupp a souwäit ët goung gouf och berücksichtegt, dat verschidde Leit nach mëttes op de Cross mussen.
D'Suzie mailt d'Lëscht un d'Sekretariat vun der Federatioun, déi all Veräin, ma och all eenzelnen Kanner (Elteren), dat jidferee wees, wéini e komme muss.
D'Membere vun der Kommissioun si fir 8 Auer op der Plaz, fir opzeriichten, de Romain Engels an de Marco Schmit vun der LP Millebaach këmmere sech drëm d'Material Samschdes sichen ze goen, Sonndes op d'Plaz ze bréngen a Méindes nees zeréck ze bréngen. Hinne schon e grousse Merci.
De Romain Engels war och nach bei Techniroute Markéierhittercher kafen, d'Rechnung geet un d'Federatioun. (idem Klemmbrieder fir bei de Statiounen opzeschreiwen.)
D'Benevolen vun de Verainer sinn um spéitsdens 9:45 op der Plaz a kréien dann déi néideg Erklärungen zu de Statiounen wou sie agedeeelt gin.
Leider hu sech bei der Federatioun just 5 Leit ageschriwwen, ma verschidde gud Leit hu sech nodréiglech nach bereet erklärt ze hëllefen, dat mir daat Ganzt gestemmt kréien. Hinnen all e grousse Merci.
An Zukunft, musse mir kucken, daat duerch eng besser Auswiel vum Datum och d'Leit vum Staff Technique vun der Federatioun kënnen hëllefen, eis Kommissioun gët leider nët méi jonk…

2) Rapport Course Bertrange

De Guy Kruchten war Delegéierten op der läschter Epreuve Jeunes zu Bartréng, déi haat misse verluecht gin.
Trotz vill Bulli haten 93 Kanner de Wee op Bartréng fonnt, an ausser enger Chute bei der Bambi 3 Course, as kengem eppes geschitt.

Den Delegéierten huet verschidden Aufgabe missen iwwerhuelen, déi eigentlech de Veräin misst maachen, sou d'Aschreiwungen an d'Resultater erstellen (wou hien eigentlech just Kontrollfunktioun huet…).
Fir 2026, musse onbedéngt emol e Webinar gemat gin, wou all déi betraffe Veräiner d'standardidéiert Fichieren erklärt kréien, dat daat mat der Automatisatioun vun de Klassementer endlech ouni Problem klappt.

3) Trikoe Präisiwwerreechung

D'Suzie geet virum Weekend Moosstrikoe bei de Sponsor vun der FSCL ofhuelen, dat d'Kanner déi a Fro komme fir op de Podium vum Generalklassement, umoosse kënnen.
Et handelt sech ëm e Vëlostrikot am Design vum Kichechef-Trophy, wou all Kand och säin Numm drop stoe krit.
Den Design ass an Arbecht a soubal dee vun eiser Kommissioun ofgeseent ass, kënnen d'Trikoen a Produktioun goen.
Een Trikot soll och als Merci un de Kichechef goen, deen eis iwwert déi nächst dräi Joer weider ënnerstëtze wäert.

Nächst Treffe vun der Kommissioun fir Debrief as Méindes den 10ten November um 19:00 zu Leideléng.